# NEWSLETTER II/2023

ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine




## -Save the date-

- **Bluttspendmarathon Start 14.05.2023**
- **Petziklinik Suessem 18.05.2023**
- **Petziklinik an der Stad 19.05.2023**
- **Studentenbal 14.07.2023**

ALEM asbl
2, Avenue de l'université
L-4365 Esch-sur-Alzette

contact@alem.lu
alem.lu

alem.lu
alem.lu

# Events

## Training Day 2023

Den **8. Abrëll op Ouschtersamschdeg** huet déi **5. Editioun** vun eisem traditionellen Training Day stattfonnt. Mir sinn immens frou, dass och dës Editioun an **Zesummenaarbecht mat den Hôpitaux Robert Schuman** - Site Kierchbierg konnt realiséiert ginn.
Mir freeën eis, dass eng ronn **40 Medezinstudéierend** um Training Day matgemaach hunn an nei praktesch Fäegkeeten léieren oder verbesseren konnten, dëst a klenge Gruppen vun 5-10 Persoune mat direkter Betreiung vun engem Dokter oder qualifizéierte Personal aus dem Kierchbierger Spidol.

Dës Editioun konnte mir och nees **9 verschidden Atelieren** ubidden: kierperlech Ënnersichung, Sonographie, Urologie mam DaVinci Roboter, Gynekologie, Life Support, Orthopedie, Radiologie, Neurologie an Bitzen. Ofgeschloss hu mir dësen Dag mat engem spannende Quiz vum Prof. Braun.
Mir sinn immens frou, dass esou vill motivéiert an engagéiert Medezinstudéierend op den Training Day komm sinn an hoffen dass si all vill konnte fir hiert weidert Medezinerliewen bäiléieren.

**Ee riese Merci geet dann och nach emol un den HRS an alleguerten d'Dokteren**, déi eis gehollef hunn, den Training Day méiglech ze maachen, an besonnesch un den **Prof. Braun an d'Mme Ferran** fir déi super Zesummenaarbescht bei der Organisatioun. Ee weidere Merci geet un eis Sponsoren, d'Foyer Agence Humbert-Moura, Iatroscope an Meditricks.









ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

SCOME
Medical Education

## Studieninfoen

Eist SCOME Team war och dëse Mount ënnerwee, an zwar am LCD zu Dikrech an huet do interesséierten Schüler*innen méi iwwert de Medezinstudium erklärt an hinnen hier Froen beäntwert!




ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

SCOPH
Public Health


## Relais pour la vie 2023:

Och dëst Joer huet d'ALEM a Kooperatioun mat der ALMEVS um Relais pour la Vie 2023 matgemaach an huet fläisseg Kilometeren a Spenden fir d'Kriibsfuerschung gesammelt. **Mir soe Merci u jiddereen dee gespend a matgemaacht huet!**
Am Nomëtten huet dann och eis éischt Petziklinik vun der neier Saison um Relais pour la Vie an der Coque stattfonnt. Mir duerften do Kanner am Alter vu 4 bis 10 Joër ee klengen Abléck an d'Aarbecht vum Dokter ginn – hei awer net aus Vue vum Patient mee aus där vun enger Petzimama oder engem Petzipapa. **Ee grousse Merci** dofir dat alles sou gudd geklappt huet geet virun allem **un d'Fondation Cancer**, déi de Relais pour la Vie op d'Been gestallt huet.









SCOPH
Public Health

## Ustoend Petzikliniken

Du hues Loscht, deemnächst bei enger vun eise Petzikliniken ze hëllefen?

Da **mell dech elo fir déi nächst Petziklinik un!** Et ass kee Virwësse verlangt a mir si frou fir all Petzidokter, deen hëllefe kënnt.

Donneschdes, **18.05.2023 (Christi Himmelfahrt)** um **Suessemer** Schlassfest
Freides, **19.05.2023** op der Journée mondiale du médecin généraliste op der **Plëss an der Stad**

Link fir sech unzemellen: https://forms.office.com/e/EQRCGVvmLq




ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

SCORA
Sexual & Reproductive Health and Rights including HIV & AIDS

# Weiblech Genitalverstümmlung

Dëse Mount hu mir op eise soziale Medien en Infobeitrag zu dem wichtegen Thema vun der **weiblecher Genitalverstümmlung** gedeelt.
Weiblech Genitalverstümmlung, am internationale Beräich bekannt als **Female Genital Mutilation,** ëmfaasst laut WHO all Praktiken, bei deenen dat **weiblecht Geschlechtsorgan deelweis oder komplett ewechgeholl gouf, ouni** dass dofir eng **medezinesch Indikatioun** bestanen huet. Momentan si **méi wéi 200 Milliounen** Meedercher a Fraen betraff.
Ronn **25% vun de Meedercher stierwe** scho wärend der Genitalverstümmlung oder un de Folgen. Folge kennen zum Beispill Infektiounen, Bluttverloscht, chronesch Péng, Schwieregkeete beim Sex a beim Waasser loossen oder och een héicht Risiko bäi der Gebuert, souwuel fir d'Kand a fir d'Mamm.
Meeschtens gëtt des Prozedur **ouni Narkosen** duerchgefouert, wat dozou féiert datt si **immens Péng** hunn an dovunner **traumatiséiert** ginn. Dëst kann och zu psychesche Krankheete féieren.
FGM ass en Thema dat leider trotzdeem **aktuell an e globale Problem** bleift.
Dofir ass et sou wichteg iwwert dat Thema **opgekläert an informéiert** ze sinn.
Fir méi Infoen zu dësem Thema kuck gäeren op eisen Sozialen Medien an informéiert iech!



ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# EXTERNAL AFFAIRS

## Entrevuen bis elo

Ugefaangen huet d'Joer fir d'Relations Externes Team, d'Kelly an de Felix ënnert dem Katrin senger Leedung, souwéi d'Presidentin Anne, mat der **éischter Entrevue** Enn Februar **mat den ALMEVS.** Hei gouf no der Virstellung vun den neie Memberen iwwert d'Konditioune vun de MEVS zu Lëtzebuerg geschwat, a wéi ee munches verbessere kéint.

Am Februar war och schonn déi éischt **politesch Entrevue** mat der **Mme Tilly Metz**, Europadeputéiert, gefollegt vun der **CSV an CSJ am Mee**.

Eng wichteg Geleeënheet eis Projeten ze presentéieren an dës um nationalen Niveau ze gesi war mam **Ministère de la Santé,** wou mir ënnert anerem iwwert d'Ëmsetzung vun der **Bezuelung vum PJ** geschwat hunn. Ofgerond gouf deen Dag mat enger Entrevue mat dem **Collège Médical** wou de Schwéierpunkt op der **Formation Continue** louch.

Och déi nächst Méint wäerten nach eng Rëtsch Entrevue mat sech bréngen, wou mir probéieren dat bescht fir d'Studenten ze erméiglechen a si och gutt ze vertrieden.




ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# INTERNATIONAL AFFAIRS

## March Meeting 2023

Vum **1. bis de 7. Mäerz 2023** war d'ALEM mat enger 8-käppeger Delegatioun op der 72. General Assembly vun der IFMSA (International Federation of Medical Students' Associations) zu **Tallinn an Estland** vertrueden. An dese 7 Deeg hunn déi verschidde Participant'en an hire jeeweilege Sessions verschidde Saachen bäigeléiert.
D'Anne an d'Katrin hunn an de **President's Sessions** un den Diskussiounen zu de verschiddenen Motions deelgeholl, déi an de **Plenaries** gewielt goufen, zum Beispill d'Kandidaturen fir den neie Comité vun der IFMSA oder verschidde Statuttenännerungen.
D'Melanie an de Felix hu sech an der **Public Health** zu verschidden Themen vu Digitaliséierung iwwer Impfungen zu Klimawandel verdéift.
Den Tim an d'Karina hunn an de Sessions zum Thema **Medical Education** déi verschidde medezinnesch Ausbildungssystemer a Curricula vun der ganzer Welt kennegeléiert.
An de Sessions zum Thema **Sexual Rights and Health** hunn de Yannick an den Alex zu Themen wéi z.B. sexuell Opklärung an déi kulturell Hindernisser, Sexismus a Bekämpfung vun HIV an AIDS behandelt.
Et war eng immens **léierräich Woch**, an däer och genuch Zäit war, sech mat Studéierend aus der ganzer Welt auszetauschen an **international nei Frendschaften** ze schléissen.
Zum Schluss ass eis Delegatioun och nach e puer Deeg do bliwwen fir sech d'Stad unzekucken an d'General Assembly auskléngen ze loossen.



ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# INTERNATIONAL AFFAIRS

## EuRegMe 2023

Den dësjäregen **European Regional Meeting** gouf zu **Sarajevo a Bosnien-Herzegovina** gehosted. 3 Deeg laang, vum **11. bis den 13. Abrëll**, huet eis 6-käppeg Delegatioun hiert Wëssen zu Theme wéi zum Beispill **Global Health, Medical Education, sexuell Opklärung, administrativ Aufgaben a Finanzen** an ënnerschiddleche Sessions kënne verdéiwen. Et ass och iwwer regional Prioritéiten a Statuttenännerungen diskutéiert an ofgestëmmt ginn. Stattfonnt hunn d'Sessions an d'Plenaries an der medezinescher Fakultéit vun der Uni. Och op der **Exchange Fair** hu mir d'ALEM representéiert a si mat villen anere Medezin-Associatiounen aus Europa a Kontakt komm fir méiglech Echange fir Stage-Platzen anzegoen. Hei gëtt de Grondstee geluecht fir **Stage-Platzen,** déi mir de Memberen am nächste Joer kënnen am Ausland ubidden.

Ofgeronnt gouf de Programm mat Eventer wéi der **Balkan Night, der Opening an der Closing Ceremony,** oder der **NFDP (National Food and Drinks Party),** wou mir eis Kenntnisser – dëst Kéier net am medezineschen awer dofir am kulturellen a kulinareschen Aspekt - erweideren konnten. Positiv war och, dat de Kachkéis bei de Participante vun den aneren Delegatioune besser ukomm ass wéi bei eiser eegener Delegatioun. Nom offiziellen EuRegMe hu mir dunn nach op fräiem Fouss Sarajevo een Dag laang erkundet bis et fir jidderee rëm heem goung.




**Vir méi Infoen wéi sou Meetinger oflaafe, kuckt eise Video: "IFMSA General Assembly - Wat ass dat?" op Youtube!**

ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# SCOPE
Professional Exchange

Mir hunn nach e puer **Plazen fir ee Stage am Ausland** fräi!
Wann dir interesséiert sidd un engem flotten Stage a engem aneren Land, an deem dir lauter nei Leit kennen léieren kënnt, da mellt iech gären ënnert contact@alem.lu.
(De Stage dauert ee Mount, den Zäitraum aus fräi wielbar an deenen Zäitraim, déi ugi sinn.

**Schwäiz**: 1 Plaz am Zäitraum vun August bis Mäerz 2024

**Portugal:** 2 Plazen vu Juli 2023 bis Januar 2024 an am Mäerz 2024

**Ungarn**: 1 Plaz am Juli 2023, am Oktober 2023 oder vu November bis Mäerz 2024

**Litauen**: 2 Plazen vu Juni 2023 bis Mäerz 2024

**Kroatien:** 1 Plaz am Juni, Juli 2023 oder vu September 2023 bis Mäerz 2024

Fir **méi Infoen** och zu den Disponibilitéiten an de verschiddene Länner kuckt gären op eise soziale Medien no oder schreiwt eis op **contact@alem.lu**!



ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# Nei Memberen!

Mir freeën eis, iech zwee nei Memberen vun eisem Team virzestellen, an zwar d'**Claire Mack** an de **Samuel Mendes Gonçalves**. Si sinn allen zwee am éischte Joer op der Uni.lu an iwwerhuelen zwou nei Tâchen: d'Claire ass eisen **Représentant Uni.lu** (an domat Deel vum ALEM Comité) an de Samuel ass de **Membre Assistant Uni.lu**. Zesumme solle si d'Kommunikatioun vun der ALEM mat der Uni.lu verbesseren an d'Intérêten vun eise Studéierenden zu Lëtzebuerg besser representéieren. Zesumme mat deenen anere Study Programme Representatives si si och dofir do fir den Zesummenhalt an d'Campusliewen ënnert den Uni.lu-Studéierend ze förderen. **Mir freeën eis, si däerfe bei eis am Team ze hunn!**

Fir des nei Tâchen ze kreéieren war eng **Ännerung um Règlement Interne** néideg, déi vum Comité gestëmmt gouf. De provisoresch geännerten RI fannt dir **op eisem Site www.alem.lu**, d'Ännerunge wäerten, fir se permanent ze maachen, op eiser nächster Assemblée générale gestëmmt ginn.

ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# Net verpassen!

## Bluttspend Marathon

14 05 23

\-

14 06 23

## Petzikliniken

18/19 05 23

## Studentenbal

14 07 23

# Mir soe Merci!





Avec le soutien de votre agence Foyer

## HUMBERT & MOURA
### Développez votre activité en toute sérénité.

**Protégez-vous,** avec la garantie responsabilité professionnelle de reebou pro, vous couvrez votre responsabilité légale vis-à-vis de tiers.

**Planifiez votre avenir,** avec le régime complémentaire de pension horizont pro vous combinez épargne retraite, prévoyance et avantage fiscal.

**Assurez vos revenus** en cas d'incapacité de travail, grâce à la couverture perte de revenu de medicis pro ou avec la rente invalidité.

**Protégez vos données des cyber-attaques,** avec l'assurance cyber pro, on vous aide à anticiper ces dangers et on vous assiste et accompagne en cas de problème.


**Agence Principale d'Assurances**
35, rue J.-F. Kennedy - L-7327 Steinsel
**Joël Humbert** - joel.humbert@agencefoyer.lu -
**Pedro Moura** -pedro.moura@agencefoyer.lu -
3232@agencefoyer.lu -

Foyer
Einfach fir lech do
Foyer.lu

# Mir soe Merci!

## Eisem neien Sponsor **Hospilux**!




Depuis plus de 35 ans, Hospilux est le leader des entreprises spécialisées dans le domaine des besoins médicaux et de la technologie médicale au Luxembourg, tant dans le secteur de santé privé que public.
Retrouvez également nombre de nos produits dans notre jolie boutique à Contern: parapharmacie, tire-lait, désinfectants mains et surfaces, déambulateurs et appareils pour personnes dépendantes, etc. Vous ne pouvez pas vous déplacer? Hospilux est aussi sur Letzshop!




alem.lu
alem.lu